

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/10/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.

De REVIS soll Persounen a prekäre finanzielle Situatiounen ënnerstëtzen. Gläichzäiteg gesäit d'Gesetz vum 28te Juli 2018 iwwert de REVIS vir, datt ënnert bestëmmte Konditiounen déi ausbezuelte Gelder vum Fonds national de solidarité zeréckgefuert kënne ginn. Déi verschidde Fäll, wou d'Leit de REVIS mussen zeréckbeziele sinn am Gesetz festgeluecht.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Dossiere vu REVIS-Restitutioone goufen zanter dem Akraafttriede vum Gesetz opgemaach, opgeléicht no Joer an no de Fäll, déi a folgenden Artikelen vum Gesetz festgehalen goufen:
 1. Artikel 29(2);
 2. Artikel 29(3);
 3. Artikel 30(1);
 4. Artikel 30(2);
 5. Artikel 30(3) a);
 6. Artikel 30(3) b);
 7. Artikel 30(3) c)?
 8. Artikel 31?
2. A wéi villen Dossieren goufen déi zeréckgefuert Montanten
 1. komplett zeréckbezueelt;
 2. nëmmen deelweis zeréckbezueelt;
 3. guer net zeréckbezueelt?
3. Wéi vill Hypothéiken am Sënn vum Artikel 32 goufen zanter dem Akraafttriede vum Gesetz am



Kader vun REVIS-Restitutiounsfuerderungen ageschriwwen, a wéi vill dovunner goufen tëschent dem Fonds national de solidarité an de betraffene Persounen oder Ierwe geläscht oder vollstreckt?

4. Wéi vill Gelder goufen zënter dem Akraafttriede vum REVIS-Gesetz un de Staat zeréckbezueelt a wat ass aktuell de Gesamtmontant u REVIS-Gelder, déi nach un de Staat mussen zeréckbezueelt ginn?
5. Wéi huet sech d'Zuel u REVIS-Empfänger zënter dem Akraafttriede vum Gesetz entwéckelt a wéi vill REVIS-Gelder goufen ausbezueelt, opgeschlësselt no Joer?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten

